

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministes, Taina Bofferding, a vum Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro n° 4137 vun den honorabelen Deputéierte Fred Keup a Fernand Kartheiser zum Sujet "Dénominations géographiques"

De Conseil permanent de la langue luxembourgeoise (CPLL) huet, eng Lëscht mat de lëtzebuurger Uertschaftsnimm opgestallt, déi vun der Kadasterverwaltung iwwerholl ginn ass. Dës Lëscht huet fir all Uertschaft een Numm an eng Schreifweis festgeluecht, déi fir Landkaarten a Beschëldeunge genotzt gëtt. Donieft stinn op der Lëscht och Varianten, déi lokal benotzt ginn.

Fir dës Lëscht goufen all d'Gemengen am Land schrëftlech consultéiert. Si ass op cpl.lu ze fannen.

D'Uertstafele gi systematesch op Franséisch an ënnendréiner a kursiver Schrëft op Lëtzebuergesch geschriwwen, woubäi d'Lieu-dite systematesch op Lëtzebuergesch geschriwwen ginn.

De Geoportail, op deem een d'kartographesch Material beim Kadaster opruffe kann, ass op 4 Sproochen fräi accessibel, notament och op Lëtzebuergesch.

Déi offiziell Nimm vun de Stroossen, Uertschaften, asw. gi vun der Gemeng festgeluecht a kënnen op Lëtzebuergesch, Franséisch oder Däitsch sinn. All aner historesch Benennunge sinn och an deene verschiddene Kadasterpläng a Kaarte festgehalten an opruffbar.

Aktuell ginn d'Annoncé vun den Haltestellen an den Zich zweesproocheg duerchgefouert, woubäi déi 1. Annonce ëmmer op lëtzebuergesch ass an d'Uertschaften vun de jeeweilegen Haltestellen dann och an hirer lëtzebuergescher Bezeichnung duerchgesot ginn.

Datselwecht gëllt och fir déi manuell, wéi och déi automatiséiert Duerchsoen op de Quaien.

Bei enger Recherche-horaire um Internetsite an der App vun de CFL kann een och déi lëtzebuergesch Nimm vun den Uertschaften gebrauchen.

Op den Ticketsautomaten, déi op de Quaien vun de Garen an Haltestellen installéiert sinn, ginn d'Nimm och op lëtzebuergesch ugewisen, och wann et sech heibäi ëm Nimm vu Stied am Ausland handelt, wéi z.B. *Arel* an *Diddenewen*, virausgesat de Client wíelt lëtzebuergesch als Sprooch um Automat aus.

Bei gedréckte Fuerpläng an op den Unzeigen an de Garen an op de Quaien gëtt aus Plaz- a Liesbarkeetsgrënn allerdéngs nëmmen eng Sprooch gebraucht. Vu dass e groussen Undeel vun de CFL-Clienten international ass, ass dës bis elo op Franséisch ugewise ginn. Dës Nimm gi vu jidderengem verstanen, an et sinn och déi Franséisch Nimm, déi an den internationalen Auskunftsportale gebraucht ginn.

Ergänzend kann een an deem Zesammenhank nach soen, dass et bis ewell zu kenger Reklamatioun komm ass, wou de Client net eens gi wier oder falsch erausgeklomme wier, well en de Franséischen Numm vun der Haltestell net verstanen hätt.

Wat d'Bezeichnung vun de Bushaltestellen betrëfft, sou iwwerloossen déi staatelech Instanzen dës den zoustännege Gemengen, dat souwuel fir d'RGTR-Busstrecken, wéi och déi Linnen ënner Gemengekompetenz.